



**CHOISIR UNE BANANE CERTIFIÉE FAIRTRADE, C'EST LIER UN ACTE D'ACHAT RESPONSABLE AU PLAISIR.**  
[WWW.FAIRTRADE.LU](http://WWW.FAIRTRADE.LU)



## Salon du CAL 2019: Déi facetteräich Identitéit vun der Konscht

vun Shari Pleimelding den 07/11/2019

Op Facebook delen

Op Twitter delen

Newsletter abonnéieren



Holzsculptur vum Jhemp Bastin © Shari Pleimelding/moien.lu

Zënter der erfollegräicher Vernissage um vergaangene Samschdeg hëlt d'Begeescherung fir de **Salon du CAL** am Tramsschapp um Lampertsbiërg net of. Am Kader vun der 5. Editioun vun der **Luxembourg Art Week** stelle 46 Kënschtler hir zäitgenëssesch Wierker an der moderniséierter Hal vum fréieren Tram aus.

An der Lëtzebuenger Konschtzeen a bei alle kulturbegeescherte Persoune markéiert d'**Luxembourg Art Week** ee vun de **bedeitendsten Evenementer** am Beräich vun der Kreativitéit an der artistescher Kreatioun. Nei bei dëser Editioun ass, datt de **Salon du CAL (Cercle Artistique de Luxembourg)** sech duerch eng raimlech Trennung an ee fréiere Start ervirstécht. Et wëllt een der Konscht Zäit ginn ze wierken – dräi Deeg géifen net duergoen, wouduerch dësen artistesche Salon schonn eng Woch virun der Ouverture an der Hal Victor Hugo mat enger räicher kënschtlerecher Diversitéit fasziniert.

Och bei den Umeldunge war de Succès däitlech spierbar: Méi wéi 150 Artisten haten hiren Dossier agereecht. Eng international Jury huet schliisslech säi Choix getraff. Um Owend vum Vernissage sollt de **sougenannte „Prix de Révélatioun“** un de 35 Joer jonke Kënschtler **Pit Molling** goen. Während zwee Biller – ee Mol Héich- an ee Mol Querformat – a graphescher netzaarterger Weis eng immens dynamesch Form opweisen, erstaunt de Virdergrond mat der plastescher Ausféierung vun den zweedimensionale Wierker am Hannergrond.



Pit Molling © Shari Pleimelding/moien.lu

Bei der Visitt vun den zuelräiche Kreatiounen entdeckt een ënnert anerem dem **Roland Schauls** seng groussformateg faarweräich Biller aus Acryl a Kuel mat Accent op de Schong a Gesichter, dem **Jhemp Bastin** seng gigantesch Holzsculpteuren, déi duerch eng filigran Ausschaffung mam Huelraum spillen oder dem **Joël Rollinger** seng hëlzen eckeg Duerstellung vu Mënschen aus dem Alldag, déi d'Anonymitéit vun eis all am Alldag verkierperen.

Ergräifend ass awer och déi klanglos Péng, d'Depressioun an den Hëllefesruff vum **Julie Wagener**. Eleng duerch d'Presentatioun vun Hänn op enger mëller wäisser Decken, déi an den däischteren Hannergrond gezu ginn, rífft d'Artistin déif Emotiounen an eis ervir. Et gesäit een, datt all Wierk seng eege Geschicht, all Kënschtler seng eege Gedanken zur Konscht huet. Fir d'Ausstellung besser kennenzeléiere lount et sech also eng guidéiert Visitt matzemaachen.



Joël Rollinger © Shari Pleimelding/moien.lu

### Konscht am Elo

Nach bis de 14. November empfängt de Salon du CAL d'Visiteuren am Tramsschapp um Lampertsbiërg (49, rue Ermesinde 1750 Lëtzebuerg). Während der Woch ass op vu 14:00 bis 19:00 Auer, Weekend vun 10:00 bis 19:30 Auer. Weider guidéiert Visitte ginn organiséiert e Samschdeg, den 9. November um 11:00 Auer (FR) an e Sonndeg, den 10. November um 11:00 Auer (LU). Weider Informatiounen zum Evenement ginn et ënnert [www.cal.lu](http://www.cal.lu) an [www.luxembourgartweek.lu](http://www.luxembourgartweek.lu).

**AW LUXEMBOURG ART WEEK**

### Zur Luxembourg Art Week

E Freideg, den 8. November um 18:00 Auer fënnt de Vernissage an der Hal Victor Hugo statt. Uschléissend kann ee bis den 10. November d'Wierker bewonneren, Artiste kenneléieren, u Konferenzen deelhuefen a säi Wësse beräicheren. Dobäi lount et sech, och ee Bléck an déi zuelräich Galerien ze werfen.

Am vergaangene Joer hunn déi 3 Deeg méi wéi 12.500 Visiteuren a 50 Galerïë gezunn. Iwwer 250 Artisten aus 7 verschidene Länner haten sech am Grand-Duché presentéiert. Weider Informatiounen zum Programm an de verschidene Offere ginn et ënnert [www.luxembourgartweek.lu](http://www.luxembourgartweek.lu).

D'Billergalerie zum Salon du CAL fannt Dir uewen.